Rapport Süd-Comité vum 29.01.2014

Den Süd-Comité huet um 19h30 am Restaurant IL SOLE 23, route de Luxembourg L-4876 Rolléng (Lamadelaine) ugefangen.

Op der Dagesuerdnung stoung:

1. Begréissung an Zoustëmmung fir Dagesuerdnung
2. Korrespondenz an Informatiounen:
   Pressematdeelungen iwwert Meisch 1+2
3. Cooptéieren:
   Starsky Flor (Sekretär f.f), Christophe Quintus, Cédric Heinen, Patricia Weydert (Presidentin f.f Sektioun Déifferdang)
4. Europa Kandidaten:
   Sven Clement (Zentrum), Ben Allard, Michèle Stiefer, Andy Maar (Norden), Marc Goergen, Camille Liesch (Süden)
5. Verschiddenes:
   - Fadas Family
   - Radar
   - Flyer Péiteng
   - Memberen werben
6. Open Diskussiounen

Präsenzen :

Patricia Weydert, Jules Weber, Marc Goergen, Starsky Flor, Cédric Heinen, Libor Chmelik

Gäscht: Steve Lamberty, Alexander Winckel

Ofgemellt:

Stephane Pomponio, Michel Kohl, Angelo Tricarico

Den Süd-Comité gouf ënnert der Leedung vum Jules Weber an Marc Goergen ofgehalen.

1. Virstellung an Begréissung vun de Gaascht.
Dagesuerdnung ass eenheetlech ugeholl ginn.

2. Bréiwer di den Südbezierk der Press matgedeelt haten iwwert Déifferdenger Gemeng alias Meischdynastie goufen nach emol gewisen an als ganz gutt Initiative empfont ginn. Dass mer net no der Partei mä am Sënn vum Bierger gekuckt haten obwuel eis Déifferdenger Sektioun nach net grouss genuch wier fir bei Neiwalen matzemaachen.

3. Folgend Posten goufen cooptéiert:

Sekretär f.f:	Starsky Flor
Presidentin f.f Sectioun Déifferdang:	Patricia Weydert
Member:	Cédric Heinen

Dat ass unanime ugeholl ginn.

4. Et gouf kuerz iwwert Landeskongress geschwat. Eis Kandidaten fir Europawalen an de gemeinsame Walprogramm vun allen 28 europäesche Piratepartein virgestallt. Spezifesch Lëtzebuerger Piratenthemaen kommen nach dobäi.
Een wichtegen Walprogramm Punkt wou bäigefügt soll ginn ass dass Rieden am Europaparlament och op lëtzebuergesch iwwersat sollen ginn esou wie z.B Malta. Dat ass virgesinn fir mat an den nächsten Nationalkongress matzehuelen.
De Süden soll sech organiséieren fir nach Ideeën unzeginn. (Experten Stammdësch).
Ënnert dem Numm "IDEA STORM" soll déi nächst Info-Versammlung déi vum Süden organiséiert gëtt, den 1.März am Threeland, ofgehalen. Ideeën roueg eraginn wann een net kommen kann.
Sektioun Esch soll e wöchentleche Stand an der Uelzechtstrooss ufroen.
Datumen vun Braderien an soss Evenementer soll jiddwereen eraginn.
Eng weider Idee ass fir um Site vum Belval Plaza och een Stand ze kréien.

5. Manifestatioun mat der Fadas Family wäert organiséiert ginn awer eréischt no den Europawalen wéint organisatoresche Grënn.
Pressematdeelung um Eldoradio iwwert Partei Meenung vis-à-vis vun de Radaren ass geliest ginn wat jo bekanntlech e Programmpukt vun der Partei ass.
Flyeren mussen gemaach ginn mat spezifesche Piratenthemen an déi grouss Linnen fir Europa. Wann méiglech op ville Sproochen iwwersat an eng Säit fir eis Europa Kandidaten virzestellen.
Mussen Sympathisanten an Memberen méi Infoen ginn an erwerben sou dass en se och méi aktiv fir Partei ginn.

6. Festgehale gouf dass all Pressematdeelung och op Wiki's Säit komme soll.
Sektioun Esch an Déifferdang musse méi Ënnerstëtzt ginn an Informatiounsaustausch soll besser Koordinéiert ginn.
E Linux Boot Camp an eng mini Konferenz op Been sëtzen mam Libor als Expert.
Domiciliatiounen sinn an der Verhandlung fir Partei Memberen.
Den Süd-Trésorier soll fräi Hand kréien bis 500 Euro an alles wat driwwer geet brauch en nach eng 2 Ënnerschrëft.
Den Stammdësch ass ausnamsweis NET DEN 4 FEBRUAR MEE DEN 8 FEBRUAR ab 19h00 zu Belval am URBAN

Den neien Süd-Comité besteet aus:

President:	Jules Weber
Vize-President:	
Sekretär:	f.f Starsky Flor
Trésorier:	Stephane Pomponio
Weider Presidiumsmemberen:	Camille Liesch, Marc Goergen, Jorg Willekens, Libor Chmelik
Coopteiert Memberen:	Patricia Weydert, Starsky Flor, Christophe Quintus, Cedric Heinen

De nächsten Süd-Comité hunn mir op den 26.Februar am Sakula zu Esch festgelued.

Als Ofschloss hunn mir den Owend mat engem gudden Iessen an engem Patt ausklengen gelooss.